Bis geschwënn .... mir freeën ons op iech!

Zesumme fir den Télévie

Nuetswanderung
Freides, den 25. Mäerz 2022

D'APE Niederanven an d'Léierpersonal vun der Schoul „Am Sand" invitéieren Iech all ganz häerzlech op hier **Nuetswanderung**, déi am Kader vum Télévie 2022 organiséiert gëtt.

Wéini? 25.3.2022, ab 18 Auer bis ca. 22 Auer
(Depart all 10 – 15 Min.)

Wou? RDV um Parking vun der Maison Relais. Eng Navett bréngt Iech op den Depart vun der Wanderung.

Wéi? Wee vu +/- 5 bis 6 km (**net** fir Poussette accessibel)
Et besteet d'Méiglechkeet fir de Retour mat enger Navett ofzekierzen.

Ennerwee? Statioune wou mir Iech eppes z'iessen an ze drénken servéieren (mat der frëndlecher Ënnerstëtzung vu Meatbros, dem Restaurant Cipa Gréngewald an Drinkomania)

A soss? Muppen un der Léngt dierfen och matgoen. Dot Iech dem Wieder entspriechend un an denkt och drun e Bidon matzehuelen. Sidd wgl. ënnerwee ëmmer virsiichteg a respektéiert d'Natur an d'Déieren.

Präis? **25 €/ Erwuessenen an 12 €/ Kand** (< 6 Joer gratis).
D'Kanner mussen vun engem Erwuessenen begleet gin, deen d'Verantwortung iwwerhëlt.

Bezuelen Bis den 11.3.2022 (Bezuelung = definitiv Umeldung) per Iwwerweisung op de Konto vun der APE/Télévie : BCEE LU81 0019 6955 5705 8000 mat dem Vermierk: „Nuetswanderung + Numm + Persounenzuel"

D'Plaatzen si begrenzt!

Ofzeginn beim Léierpersonal bis spéitstens den **2.3.2022**

✂----------

Participatioun un der Nuetswanderung

Ech _____

Tel. _____

Email _____
(fir d'Bestätegung vun Ärer Startzäit)

wëll un der Nuetswanderung de 25.3.2022 deelhuelen

mat ____ Persounen (max. 10) dovun ___ Erwuessener,

___ Kanner (≥ 6 Joer) an ___ Kanner (< 6 Joer)

☐ mir wëllen tëschent 18 an 19 Auer starten
☐ mir wëllen no 19 Auer starten

_____
Ënnerschrëft

Dës Veranstaltung gëtt ënner Anhalung vun de sanitäre Mesuren, déi zu deem Zäitpunkt a Kraaft sin, ofgehalen.

Fir weider Informatiounen: ape.niederanven@gmail.com